



N° 6571
Entrée le 29.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.07.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdedegung weiderzeeden.

A menger parlamentarescher Fro n°6520 hat ech op d'Rekrutementsproblemer bei der Arméi opmierksam gemaach a wollt Informatiounen dozou hunn, wéi de Personalmangel bei der Arméi gehandhaabt gëtt. Eng wichteg Roll spillt hei natierlech d'Unzéie vun neien Zaldoten a Personal.

An engem Artikel an der Zeitung vun der CGFP gouf mat Bedauere festgestallt, dass d'Arméi an Zukunft hei keng Annonce méi wäert schalten. Dozou kommentéiert d'CGFP esou:

Ob die Entscheidung der Armeespitze mit Blick auf bestehende und anhaltende Einstellungsprobleme innerhalb der Luxemburger Armee die richtige ist, sei mal dahingestellt. Gleichmaßen darf daran gezweifelt werden, ob die Veröffentlichung von Jobanzeigen in Gratisblättern, die vorwiegend von Pendlern gelesen werden, einer adäquaten Verwendung von Steuergeldern gleichkommt, um die Rekrutierungsprobleme auf dem Herrenberg zu lösen - ebenso wie die Ausstrahlung von kostspieligen Werbespots in Kinosälen im Süden des Landes mit gerade mal sechs Kinobesuchern in einer Vorstellung.

A menger Fro n°4623 hat ech Bedenken zu engem Werbevideo vun der Arméi ausgedréckt, wou och den Ëmgang mat Waffen a de Virdergrond gestallt gouf.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Suen huet d'Arméi zënter 2017 fir Publicitéit ausginn (opgeschlüsselt no Joer)?
2. Wéi verdeelen sech dës Ausgaben, opgeschlüsselt no Joer zënter 2017, op déi verschidde Medien
 - Radio?
 - Télé?
 - Kino?
 - Zeitungen (opgelëscht no Zeitung)?



www.piraten.lu

- Social Media (opgelëscht no Kanal)?
 - Werbematerial fir Stänn?
 - Annoncen am ëffentleche Raum (Bornen, Plakater, etc.)?
3. Wéi héich waren d'Ausgabe fir déi eenzel Werbeagencen, déi d'Armée mat Campagnen an der Diffusioun beoptraagt huet, zënter 2017 (opgelëscht no Joer)?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

